# E Volontariat a Georgien?

Den International Scout Centre Rustavi https://iscr.ge sicht een oder zwee Volontairen vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten, dëst fir ze hëllefen e neie Jugend- a Scoutsprogramm fir de Site zu Manglisi hëllefen auszeschaffen, ze testen an unzebidden.

D'RaRo Odysseeën https://www.facebook.com/scoutcentrerustavi/videos/248267510497260 schaffe säit 2013 mam ISCR zesummen an hunn no enger Campplatz zu Pona, am Summer 2021 gehollef de Grondsteen an éischt Infrastrukturen fir déi nei Campplatz mat Chalet zu Manglisi, direkt um Algeti National Park ze leeën. Während d' Bauphase weiderleeft, muss sech esou lues Gedanke gemaach ginn wat een am Beräich Ëmwelterzéiung a Nohaltegkeetsprogrammer fir déi Jonk déi zu Manglisi wäerten hier Campe verbréngen kann ubidden. De Roll vum LGS Volontaire soll et sinn hei eng Hand mat unzepaken, an och Iddien an Erfahrungen aus dem Native Villiage https://nativevillage.lgs.lu vum Neihaischen mat afléisse lossen. D'Zil ass dass Manglisi zu engem Scout Centre of Excellence for Nature, Environment and Sustainability (SCENES) https://www.scout.org/node/43025/introduction ka ginn, genau esou ewéi d'Neihaischen.

De Volontaire soll also am beschte Fall d'Programmer am Beräich Emwëlterzéihung vum Neihaischen (och een SCENES Zenter) kënnen, oder oppe sinn fir virum Volontairiat um Naihaischen sech dës unzeeegenen, während dem Volontariat kann de Volontaire natierlech op d'Resource vun der Native Villiage Equipe zeréckgräifen. D'Iddi ass kloer och déi fir Manglisi als Youth Eco Villiage à terme mam Neihaischen an och den SCENES Zenteren ze vernetzen.

https://www.youtube.com/channel/UCilWtnxbmAc4HeHL1V2ZC3Q/videos
https://www.facebook.com/scoutcentrerustavi/




**Konditiounen:**
Bass du tëschent 18 an 35 Joer, RaRo oder Chef bei den LGS. Englesch schwätzen a schreiwe kënnen (et muss ee kee Profi sinn, sech awer kënnen verstännegen a weiderhëllefen).

Spass an Interessi um Scoutismus, u Programm an un Emwelterzéihung hunn.

Wann d'Volontariat iwwert den Erasmus+ sollt accordéiert ginn kriss du zousätzlech zu Verfleegung a Logement och nach een Täschegeld an de Fluch (zu engem gudden Deel) bezuelt.

https://www.youtube.com/channel/UCilWtnxbmAc4HeHL1V2ZC3Q/videos
https://www.facebook.com/scoutcentrerustavi/

**Dauer:**
Minimum 6 Wochen - Maximum 3 Méint - wat méi laang wat besser, dat wat fir dech méiglech ass.
Dat ganzt am Fréijoer a Summer 2022.

**Du kriss:**
interkulturell Erfahrungen (mat Georgier, awer och mat aneren Volontairen aus der Welt), nei Fréndschaften, eng onvergiesslech Zäit, nei Kompetenzen, Logement a Verfleegung.

**Du gëss:**
6 Woche bis 3 Méint vun denger Zäit, du hëllefs Programm am Beräich Nohaltegkeet an Ëmwelt auszeschaffen an ubidden.

**Umellung:**
Eng E-Mail maache mat der Beschreiwung zu denger Persoun (virun allem wat du an den LGS esou gemaach huet), eng rezent Foto an kuerz deng Motivatioun beschreiwen. Ausserdeem net vergiessen eng Telefonsnummer an deng E-Mail Adress unzeginn, an den Zäitraum dee fir dech méiglech ass fir a Georgien däi Volontariat ze maachen.

Mir huelen op alle Fall Kontakt mat dir op. Wann s du zeréckbehalen gëss wäert och ee Video Call mam Responsable vum Volontariat a Georgien organiséiert sinn fir weider Detailer a Froen ze klären.

Deng Applicatioun an oder Froen w.e.g. e-mailen un de Claude op scouten@frantzen.lu

Deadline fir Interessi zemëllen ass den 31 Januar 2022 – mee wat éischter wat besser ;-)

**Infoen zum Land:**
Georgien ass e wonnerschéint Land am Kaukasus, ganz am Oste vun Europa. D'Land huet eng ganz dynamesch jonk Populatioun déi gären hier Gaaschtfréndschaft mat aneren Jonke Leit deelt. Niewend der Küste an de Stränn vum schwaarze Mier ginn et a Georgien virun allem immens héich a wëll Bierger mat vill Natur, engWüst an och tropesch Regiounen. Georgien huet immens lecker Iessen an eng grouss Traditioun a Kultur.

| | |
|---|---|
| Numm vum Land | **Georgien / Sakartevlo** |
| Unzuel vun Awunner | 3 729 500 |
| Haaptstad | Tbilissi |
| Nopeschlänner | Russland – Tiirkei – Armenien – Azerbaischan |
| Gréisst vum Land | 69,420 $km^2$ |
| GDP per Capita | $ 7.245 |
| Währung | Lari (GEL) |
| Iessen an Drenken | Wain, Chacha, Limonaden, Mineral Waaser – Khachapuir, Khinkali, Mtsvadi, BBQ, Lobio, Zaloten |
| Reliounen | Georgian Orthodox (>80%), Islam (10%) |






www.paata.ge















